ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Mamer, de 19. Februar 2021

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Policeminister weiderzeleeden.

An der Äntwert op meng Fro vum 12. Januar 2021 präziséiert den Här Policeminister, datt an de Méint November an Dezember 2020 42 Iwwerfäll um Territoire vun der Gemeng Lëtzebuerg gemellt gi sinn.

Et fält awer an deem Kontext op, datt just en Deel vun dësen Iwwerfäll vun der Police no baussen un d'Bierger an un d'Press kommunizéiert ginn.

An deem Kontext hätt ech folgend Froen un den Här Minister:

1. Wéi vill vun deenen 42 Iwwerfäll si vun der Police per Matdeelung op hirer Internetsäit, iwwer d'Press oder eventuell nach op anere Plattforme verëffentlecht ginn?
2. Firwat gëtt nëmmen en Deel verëffentlecht an net déi gesamt Informatiounen?
3. Am September 2017 hat den Bausseminister Jean Asselborn am Kontext vun enger Policeaktioun op RTL Tëlee gesot: "Déi staatlech Servicer sollten eventuell och an Zukunft besser oppasse mat der Kommunikatioun, fir d'Populatioun net onnéideg opzereegen." Ass de Policeminister och der Meenung, datt d'Kommunikatioun vun all den Iwwerfäll (eleng an der Stad sinn et der fir den genannten Zäitpunkt fënnef pro Woch) kéint fir onnéideg Opreegung suergen?
4. No wéi enge Critèrë gëtt decidéiert, wéi eng Iwwerfäll verëffentlecht ginn a wéi eng net?
5. Wier et net am Sënn vun der Transparenz an dem Respekt vun der Wouerecht, wann all Iwwerfäll géifen no baussen (un d'Press an d'Bierger) kommunizéiert ginn?
6. Bei wéi vill vun deenen 42 Iwwerfäll konnt bis elo den Täter oder en presuméierten Täter ermëttelt ginn?
7. Gëtt am Fall, wou en Täter réischt méi spéit no senger Dot ermëttelt gëtt, dëst no bausse kommunizéiert an /oder un d'Press weidergeleet?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten

ADR – Groupe parlementaire 25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742